

wéisst, tendenziell, a wat fir enger Richtung d'Äntwert op déi Froen ze sichen ass. Dat fënnt een nëmmen a Spurenelementer an deem Rapport, dee gutt ass, en ass jo a properrem Däitsch geschriwwen, vun deem Conseil.

Ech sinn net an der Lag elo op all déi Punkten, déi d'Kolleegeen, ugefaange mam Här Goerens, an alleguer déi aner, déi him nogefollegt sinn, hei ugeschwat hunn, fir op alleguer déi Froen eng Äntwert ze ginn. Dobäi sinn an dëser Debatt nach net all Froen ugeschwat ginn, déi de Conseil supérieur pour le développement durable opgeworf huet. Dee seet zum Beispill, et wier keng gutt Politik, wa Lëtzebuerg an Europa géif fiskalen Dumping bedreiwen. Et kéint ee sech emol mat där Fro beschäftegen, och am Zesummenhang mam Bankgeheimnis, wou den Här Meisch dankenswäerweis gesot huet, et wier richteg, dass een awer mat deenen anere géif doriwwer diskutéieren, well et kann ee sech deenen Diskussiounen jo net entzéien.

Ech fannen, dat misst eigentlech an enger op Nohaltgkeet ausgerichtener, inhaltlecher Debatt eng Roll spillen, ob een, Jo oder Neen, fiskalen Dumping soll maachen, also op Käschte vun den Nopere soll probéiere räich ze ginn. Well dat ka jo dann nohalteg zu Lëtzebuerg sinn. Ass et dann och nach nohalteg an der Groussregioun? Ass et nach nohalteg am Rescht vun Europa, nëmme well mir just fir eis selwer nohalteg sinn, mä awer net fir de Gesamtkonstrukt? Dat wier eng Debatt, déi ech nawell net ongär géif féieren.

Erfrëschend war, an den Här Goerens huet déi Fro och korrekt agefouert, dee grouss Konsens, eigentlech erstmalig hei an dësem Haus festgestallt, ronderëm d'Renten-a Pensiounsfro. Erstmaleg, mat Ausnahm vu liichten Nuancéierungen, gëtt all Mënsch zou, dass mer risquéieren e Problem ze kréien. Dat hunn ech heibannen nach net erlieft. Dat hunn ech ni erlieft.

A wann elo nach zéng Joer an d'Land ginn, dann ass deen Eenzeg, deen ni vun der Rentemauer geschwat huet, deen deen hei steet, an alleguer déi aner haten dat daitlech komme gesinn. Well et gesäit een et jo daitlech kommen, dass mer e Problem kréien, wa mer net oppassen. An duerfir sinn ech frou iwwert déi sech ubahnend Normaliséierung, fir an engem bis elo irrational begaangene Politikfeld emol endlech zu deene richtege Gespréicher, an och dann hoffentlech zu deene richtege Léisungen ze kommen, wéi mer dat jo schonn am öffentleche Pensiounsberäich eng Kéier hu misse maachen.

Den Här Goerens proposéiert ee sougenannte souveräne Fong. Dat ass keng domm Iddi, sech eng Këscht ze ginn an déi ee Kanal féiert, wou een déi Suen alafe léisst, déi een eigentlech iwwert de Wee vu „windfall“-Effekter kritt huet. De Moment, dat huet en och gesot, leeft net vill an déi Këscht. Ech géif gären zéng Këschten opstellen, wou eppes draleeft. An déi Grouss, déi do steet, leeft och de Moment net genuch.

Mä huele mer emol un, mer géifen dat an Zukunft maachen, a fir sech virzestellen, wéi dat an Zukunft kéint goen, huet ee jo besser et stellt ee sech emol vir, wat da geschitt wier, wann een dat an der Vergaangenheet gemaach hätt. Da wëll ech lech soen, dann hätt sech par rapport zu där Situatioun, an där mer haut sinn, strikt näischt geännert. Well déi Gelder, Steiergelder, déi een erakritt, méi wéi een erwaart huet - et ass jo haaptsächlech vun deenen, denken ech, wou mer schwätzen -, déi kann een op d'Säit leeën, dat ass largement gemaach ginn, op dat da Fong heescht oder Reserv oder soss wéi bezeecht gëtt, oder et bréngt ee se direkt an Opstellung fir d'Investitiounstätégkeete vum Stat ze decken. Dat ass gemaach ginn.

Wat géife mer mat esou enger souveräner Këscht, wann ech mech därëf despektierlech esou ausdrécken, anscht maache wéi zukunftsträchteg Ausgaben ze bestreide respektiv Investissementer soss iergendwou an der Welt virzehuelen, och ëmmer nëmmen aus der Geeschteshaltung eraus, dass mer eng Maximierung vun de staatlechen Einnahme géife kréien, déi mer jo dann awer erëm bestëmmten Zwecker zouféieren.

An duerfir, bei allem Verständnis, dat ass konservativ Finanzpolitik, d'Suen net direkt ewechzeginn, se op d'Säit ze leeën, se op bestëmmte Plazen ze bréngen, mengen ech, dass mer dat eigentlech, ouni dass et esou geheescht huet, déi lescht 20 Joer gemaach hunn, mam Resultat d'ailleurs, dass mer eng niddreg Statsverschuldung hunn, net esou héich wéi déi vun eisen Noperen.

Mam Resultat, dass mer de Moment keng esou breet Budgetsdefiziter brauchen ze fieren, well mer méi Reserven hunn, well mer och duerch déi Politik, mat oder ouni Këscht, et fäerdegbruecht hunn eis Margen ze ginn, déi eis et elo an der Kris erlaben eng sougenannten antizyklesch Politik ze maachen, während déi Länner, déi keng virsiichteg Planungshoheit iwwer hiert eegent Maache behal hunn, eigentlech déi Margen net méi hunn an duerfir eigentlech elo an eng absolut Verschëldungsspiral erakommen, während et an dësem Land keng Scholdefal gëtt, och wann dat heiansdo behaapt gëtt. Déi gesinn ech net.

Wourop mer eis awer musse verstännegen, dat ass, wéi mer dann elo - do geet et wirklech ëm déi kuerzfristeg Nohaltgkeet vun de Statsfinanzen - an a wat fir engem Zäitraum mer aus där Situatioun erauskommen, dass mer elo all Joer Budgetsdefiziter kréien an dass mer elo all Joer eis Statschold mussen erhéien. Wat mer dréngend brauchen, dat ass eng Exit-Strategie aus där Situatioun, an där mer elo sinn.

Duerfir sinn ech och dem Här Meisch dankbar, dass hie seet, elo wier net de Moment komm fir grouss nei Ausgaben ze maachen, well d'Finanzéierbarkeet vun deeneselwechte wier net séchergestallt. Dat halen ech fir eng responsabel Ausso. Et soll jiddweree sech se iergendwou hischreiwen, fir dass e se gutt gesäit, wann e seng Wahlprogrammer mécht - dat soen ech besonnesch der CSV, well déi si jo nach amgang dat ze maachen -, den Här Meisch huet eppes gesot, wat richteg ass: Keng Versprache maachen, déi een net ka bezuelen!

An de Leit och - den Här Bausch, oder wien huet dat gesot, oder den Här Goerens -, et muss een de Leit soen, dass den Impakt vun der Kris no de Wale kënn. E kënn net virun de Wahlen. Déi zweet Joreshalschent gëtt daitlech méi schwéier wéi déi éischt Joreshalschent, an duerfir soll een de Leit keen x fir en u virmaachen a keng Männercher molen. An duerfir ass et richteg: Keng nei massiv Statsausgaben. Zum Beispill kann ee menger Usiicht no keng generell Gehälterrevisioun einfach esou versprechen. Dat géif ech kengem uroden, well kee bréngt et fäerdeg, an ech denken, dass dat jo och a kengem Wahlprogramm wäert figuréieren.

Richteg ass et fir doriwwer nozedenken, wéi d'Tripartite funktionnéiere soll. Et ass jo e Gestionsinstrument vun nohalteger Politikulecht. Ech mengen net, dass déi einfach kann esou virugefouert ginn, wéi mer dat bis elo haten. Déi déi an der Regierung sinn, déi fuere mat deem Instrument méi recht wéi schlecht, oder méi schlecht wéi recht, dat wëll ech hei emol net beäntweren.

Déi déi an der Oppositioun sinn, iergere sech doriwwer, bis deen Dag wou se erëm an der Regierung sinn, an da fanne se dat erëm relativ normal. Nun ass et der Weisheet vun de Lëtzebuerger Wieler ze verdanken, dass meng Partei fir länger Zäit - ech schwätze vun der Vergaangenheet, net vun der immediater Zukunft - net an der Oppositioun war, esou dass ech net weess, wéi déi dorop géif reagéieren. Ech traue hir awer datselwecht zou wéi lech, dass mer eis da géifen opreegen, dass dat net geet fir hanner zouen Dieren do ze diskutéieren.

Duerfir, mengen ech, wier et gutt, wann ee sech op de Prinzip géif verstännegen, dass während der Tripartiteaarbecht d'Regierung am Parlament Rechenschaft ofleet. Dat muss jo net ëmmer am Plenum geschéien, et kann och am Plenum geschéien, mä dat kann och an de relevante Chamberskommissioun geschéien. An elo hu mer jo déi Spezialkommissioun, déi de Kolleeg Goerens virgeschloen huet, an do kann een dat nëtzelech afléisse loossen, well ech, fir mien Deel, sinn den 2. Mäerz an déi Kommissioun geruff, an d'Tripartite ass den 3. Mäerz. Da kann een also den 2. Mäerz schonn e bësse soen, wat do leeft, an duerno muss een erëmkommen, fir ze berichten wéi et dann do vun der Plaz gaangen ass.

Ech si frou, dass och unerkannt gëtt, dass dat net schlecht war, an där leschter Regierung, CSV-DP, déi Pist vun Internethandel unzeleeën. Et hat iergendee gesot, ech weess net méi ween, dat wier eppes wéi en Zoufallsprodukt. Esou war et net grad. Wéi mer 2001 an 2002 festgestallt hunn, dass eis Statseinnahmen drastesch agebrach sinn, wat der Oppositioun vun deemools erlaabt huet ze soen, d'Regierung wier net op d'Kris virbereet gewiescht - dat ass esou e Sproch, deen een an esou Situatiounen ëmmer erëm héiert, och déi lescht Deeg -, du si mer déi Pist séier bewosst zu e puer, mam Kolleeg Grethen notament, gaang.

Am Joer 2002 hate mer nach kee Frang, kee midden Euro am Internetgeschäft gehat. Bis haut hu mer 1,3 Milliarden Euro iwwert dee

Wee erakritt, a mer hunn et fäerdegbruecht an Europa - et gëtt e bëssen ënnerschat an den Diskussiounen - eng Léisung ze strécken, déi eis bis 2015 indemne léisst, wat d'Recetten ubelaangt, an eis lues a lues an eng Renormaliséierung vun der Steiersituatioun bis an d'Joer 2019 eraféiert. Dat heescht, dat ass net eng Recette déi onsécher wier.

Dat ass eigentlech déi Eenzeg, déi mer richteg kënnen plangen, well mer ganz genau wësse wéi laang an no wat fir Modalitéiten ee se kann halen. Woubäi ech dem Här Goerens an anere Recht ginn, dass et net ass fir sech op esou Recetten ze verlossen. Grad wéi mer jo, zu Recht, schonn e puermol heibannen zwou Froen diskutéiert hunn. Déi Éischt: Wéi ass et mat der Liewensaarbechtszäit? De Conseil supérieur, dee seet eppes dozou.

Ech hat am Oktober 2005 heibanne virgeschloen emol eng Debatt doriwwer ze féieren, ob et méiglech wier lues a lues an eng méi laang Liewensaarbechtszäit ze trieden. Erstaunlecherweis ass dee Virschlag ni...

» **Une voix.** - D'Madame Lulling huet d'Fro scho beäntwert.

(Hilarité)

» **M. Robert Mehlen** (ADR).- Scho laang!

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Et kann ee sech net bei der Finanzéierung vum Rentesystem op Phenomenales verlossen. Dat geet net.

(Hilarité)

Mä doriwwer musse mer nach eng Kéier diskutéieren. Dat Zweet - also net iwwert de Phenomeen Lulling, mä iwwert d'Liewensaarbechtszäit; ech kéint matdiskutéieren, well ech hätt vill ze zielen, gleeft mer et. Mä onofhängeg dovun, Tanktourismus, Bensintourismus, doriwwer hu mer jo heibanne schonn oft geschwat. An et ass net esou, dass mer dat einfach belooss hätten, wéi et an der Vergaangenheet gewiescht wier.

Mir hunn dach an deem Beräich eng Rei vun Operatiounen virgeholl, mir finanzéieren dach een Deel Kyoto-Fong doriwwer. Mir finanzéieren een Deel Beschäftigungspolitik iwwert d'Energiepräisser, well mer wollten hunn, dass mer dat géife besteieren, wat rar wier, an dat manner géife besteieren, wat et nach a genügend grousssem Mooss gëtt. Et war geplangt, dass mer lues a lues géifen aus deem System erauskommen. Woubäi een ëmmer muss soen, wann een esou forsch doriwwer schwätzt, wat fir Dépenses ee kiert, wann ee bis aus deem System eraus ass.

Och de Conseil supérieur freet d'Politik, nodeem en eis mat senge Froen do nervös gemaach huet, wat fir Steiere mussen dann elo gehéicht ginn a wat fir Dépenses dann elo erfogusat ginn. Ech verstinn, dass een déi Fro net ofschléissend kann an esou enger Debatt hei evakuéieren, mä ëmmer, wa mer bei der Besteierung vum Bensin eppes gemaach hunn, da sinn eis Noperen erëm fortgelaf. Mir hunn dach selwer 1991 an der Présidence eng Accisenharmoniséierung um Bensin an um Diesel erbäigefouert.

Deen Dag, wou de Meeschter Lux säi Kyoto-Cent agefouert huet - well hie spillt jo heiansdo Finanzminister, wéi mer wëssen, dass hien dat heiansdo gäre mécht -, deen Dag hunn déi Däitsch d'TVA ëm 3% eropgesat. Dat heescht, dass deen Differenzial mat dem däitsche Bensinspräis nach méi grouss war wéi virdrun. Elo stellt sech d'Fro, an déi kréien ech an Europa oft gestallt: Ass dann elo net de Moment komm, fir nei Minimaë festzeleeën an Europa? An da komme mer zréck op déi Diskussioun, déi mer an den 90er Joren haten: Wou leien dann déi Minimaen?

A wa mer e Minimum kréien, deen esou héich ass wéi de belsche Minimum zum Beispill, da gëtt de Bensin an den Diesel zu Lëtzebuerg méi deier wéi an der Belsch. A souguer déi gréisste Patriote ginn op Arel tanken. Dat kann ech lech garantéieren, wann de Bensin do méi bëleg ass wéi zu Lëtzebuerg. Ergo muss een, wann een doriwwer schwätzt, dat gesinn, et ass jo och CO₂- a Kyoto-relevant, mä gläichzäiteg kucken, wat een dann op der Dépensésäit mécht, wann een zu esou politesche Schrëtt géif kommen.

Ech fannen déi Debatt vun haut, Här President, kann ee ganz schlecht trenne vun där Debatt, déi mer de 26. Mäerz hunn iwwert dem Här Thiel säi Rapport. An duerfir wier ech frou, wann alleguerten déi Froen, déi mer haut net konnte behandeln, obscho se an deem Rapport do stinn, da könnte behandelt ginn an dass mer op eng Rei vun deene Froen och scho vläicht kënnen éischt Äntwerte formuléieren, well e Parlament ass

jo net nëmmen do fir Rapporten ze liesen, mä och fir Froen ze beäntweren, déi mer eis jo selwer stellen an déi mer eis net eréischt stellen, nodeem se vum Conseil supérieur gestallt sinn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Statsminister. Domadder ass dëse Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5853 iwwert de Statut vun der Société coopérative européenne. Rapporteur ass den honorabelen Här Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.



4. 5853 - Projet de loi portant:

1. transposition de la directive 2003/72/CE du Conseil du 22 juillet 2003 complétant le statut de la société coopérative européenne pour ce qui concerne l'implication des travailleurs;

2. modification du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

» **M. Ali Kaes** (CSV), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ernennung vum europäesche Bannemaart an déi domadder verbonne Verbesserung vun der wirtschaftlecher a sozialer Lag an de Memberstate vun der EU erfuuerderen net nëmmen d'Ofschafe vun Handelsbeschränkungen, mä och d'Schafe vu Gesellschaftsstrukturen, déi sech un déi europäesch Dimensioun upassen. Et sinn déi eenzel national Législatiounen, déi souwuel d'Form wéi och de Fonctionnement vun de Sociéité bestëmmen. Or, all europäesch Land huet op dësem Gebitt aner gesetzlech Bestëmmungen. Dëst stellt en enormt Hindernis duer, wann ee wëllt en europäesche Grupp op d'Be stellen, deen aus verschiddenen nationale Betriber besteet.

D'Schafung vum Groupement européen d'intérêts économiques a vun der Société européenne ass eng éischt Äntwert op dëse Problem. Dës Gesellschaftsformen hunn als Zil, d'grenzüwwerschreidend Kooperatioun respektiv d'Restrukturatioun vu bestehende Gesellschaften am Kader vun engem europäesche Groupement ze fördern. Dës zwee Instrumenter droe leider net der Spezifisitéit vun de Kooperative Rechnung.

Duerfir ass am Joer 2003 d'Reglement N°1435 vum Europäesche Rot ugeholl ginn, dat de Statut vun der europäescher Kooperativ festleet. Mat dësem Règlement soll en eenheetleche legislative Kader geschaf ginn, deen de Kooperativen d'Méiglechkeet gëtt fir d'Weiderentwécklung vun hiren Aktivitéiten ze fördern, an zwar iwwert de Wee vun der Kooperatioun oder der Fusioon vu bestehende Kooperativen oder souguer duerch d'Schafe vun neie Kooperativen um europäesche Plang.

De virleiende Gesetzesprojet gesäit d'Ëmsetzung vun der Direktiv vum 22. Juli 2003 vir, déi de Statut vun der europäescher Kooperativ ergänzt, andeems se Regele virgesäit, wat d'Bedelegung vun de Salariéen ugeet. Fir déi sozial Ziler vun der EU ze erreechen, musse spezifesch Bestëmmungen, besonnesch am Kader vun der Participatioun vun de Salariéen, festgeluecht ginn. Si suergen derfir, datt d'Grënnung vun enger europäescher Kooperativ net eng Aschränkung oder eng Suppressioun vun der Bedeelegung vun de Salariéen mat sech bréngt. D'Direktiv regelt d'Matbestëmmung vun de Schaffenden am Kader vun enger europäescher Kooperativ, där sougenannter Société coopérative européenne.

Éier ech mat mengem Exposé fortfuere, wëll ech nach erwähnen oder ervirhiwen, datt fir de Moment d'Société coopérative européenne a sech nach kee legale Kader zu Lëtzebuerg huet. D'Reglement vum 2003 ass nach net ëmgusat ginn. De Justizminis-

ter huet Mëtt Dezember vum leschte Joer e Projet de loi deponéiert, deen de Statut vun der Société coopérative européenne an eist nationaalt Recht aféiere soll. Dëse Projet, deen iwwregens nach net vum Statsrot avi-séiert ginn ass, ass nach net gestëmmt.

Ergo befanne mer eis am Moment an enger méi droleger Situatioun. Mir stëmme Bestëmmungen, déi d'Matbestëmmungs-rechter vun de Salariéen am Kader vun enger Gesellschaftsform solle garantéieren, déi et esou zu Lëtzebuerg a sech an där Form nach net gëtt. Mir hunn awer missen esou virgoen, well den Délai fir d'Direktiv ëmzesetze schonn am August 2006 ofgelaf ass a mir soss riskéiere sanktionéiert ze ginn.

D'Direktiv vun 2003 an domadder de vir-leiende Gesetzesentwurf gesäit am Fall vun der Grënnung vun enger europäescher Kooperativ vir, datt d'Verwaltungs- oder d'Direktionsorganer vun de jeeweilege ju-ristischen Entitéiten, déi sech un dëser Grënnung bedeelegen, esou schnell wéi méiglech mat de Vertrieeder vun de Salariée Verhandlungen ophuele mussen. Objet vun dëse Verhandlungen ass d'Bedeelung vun de Salariéen an där neier Gesellschaft.

Zu dësem Zweck gëtt och e spezielle Ver-handlungsgremium, de sougenannte Groupe spécial de négociation agesat. Dëse Gremium vertritt déi Schaffend vun de bedeelegte Betriber a Filialen. D'Bedeelungsmodalitéite vum Saliariat an de jee-weilege Betriber ginn heimadder net ge-schwächt, an d'Diversitéit vun de legislative Kadere respektiv vun de prakteschen Erfah-runge ginn ebenfalls respektéiert.

De Groupe spécial de négociation an déi jeeweileg zoustänneg Organer vun de be-deelegate Betriber leeën an engem schrëftle-chen Accord d'Matbestëmmungsmodali-téite vun de Salariéen an der europäescher Kooperativ fest. Zu dësem Zweck sinn déi zoustänneg Organer verpflichtet, d'Verhand-lungsgremium iwwert d'Grënnung vun enger Société coopérative européenne an iwwert den Oflaf vun esou enger Prozedur ze informéieren. Wa keen Accord ënner-schriww gëtt, da spillen déi Regeln, déi d'Direktiv am Kader vun hiren Dispositions de références festgeluecht huet.

D'Décisioun vum Groupe spécial de négo-ciation ginn an enger Majorité absolue vu senge Membere geholl, esouwäit dës Majo-ritéit och déi absolut Majoritéit vun de Schaffende vertritt. Falls d'Négociatiounen eng Reduzéierung vun de Bedeelungs-rechter mat sech brénge sollten, da geet eng Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Memberstëmme vum Groupe spécial de né-gociation duer, déi mindestens awer zwee Drëttel vun de Salariée vertrieeden. Dat ass de Prinzip, deen awer nach aneschtens ka ginn, wann zum Beispill eng Société coopé-rative européenne duerch eng Fusioon ent-stanen ass a 25% vum Personal vun de concernéierte Kooperative vun der Bedee-legung betraff sinn. Da schléisst d'Majoritéit vun den zwee Drëttel vun de Mem-berstëmme vum Groupe spécial de négo-ciation d'Stëmme vun de Vertrieeder vun de Salariéen a mindestens zwee Membersta-ten an.

De Groupe spécial de négociation kann och zur Konklusioun kommen, datt keng Négo-ciation fälleg ass. Eng Négociatioun ass awer obligatoresch am Fall wou d'Société coopérative européenne iwwert de Wee vun enger Transformatioun entstanen ass.

Am Accord, deen zustane kënnt, gëtt ënner anerem och den Uwendungsberäich vum Accord festgeluecht, d'Zesummesetzung vum Vertrieedungsorgan als Verhandlungs-partner vum zoustännegen Organ vun der Société coopérative européenne, d'Attribu-tioun an d'Prozedur iwwert d'Informatioun an d'Konsultatioun vum Vertrieedungsorgan, Mëttel souwuel finanzieller wéi och mate-rieller Natur, déi der Saliariatsvertrieedung ze-gutkommen, an esou weider an esou fort. Ech verweisen Iech fir den Detail op den Text vum Gesetzesentwurf respektiv op d'Direktiv vun 2003.

D'Direktiv ass mam virleiende Gesetzespro-jet eent zu eent ëmgësat ginn. De Gesetz-geber huet am Fall vun der Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv oft keng grouss Marge de manoeuvre. Wa mir ze vill

vun der Direktiv ofwäichen, da kréie mer re-prochéiert, datt mer d'Direktiv net oder net richtig ëmgësat hunn. D'Chambre de Com-merce, obscho si sech dëser Problematik bewosst ass an och kee weidere Problem mat der Prozedur huet, déi vum virleiende Gesetzesprojet zrëckbehale gouf, huet sech fir e manner schwéierfällige System agesat. An dat mam Argument, nëmmen esou kéint ee fir de Standuert Lëtzebuerg werben.

(Interruption)

Ech denken, datt et nach ze fréi ass fir ze soen, ob de Kader, dee mir haut wäerte schafen, schwéierfällig ass oder net. Et muss een dem Projet de loi eng Chance ginn. Wa mir méi Erfahrung hu mat Sociétés coopératives européennes respektiv wann et och méi dëser Sociéitéiten europawäit gëtt, da komme mer vläicht zur Konklusioun, datt déi eng oder aner Dispositioun misst ëmgeännert ginn. Mä fir de Moment hu mer net déi néideg Erfahrung fir dat kënnen ze jugéieren. Falls an Zukunft eng Adaptatioun noutwendeg ass, da wäert se selbst-verständlech duerchgefuert ginn, sou-laang dat am Aklang mat der Direktiv ass. Ausserdeem ass d'Direktiv vun 2003 net e Startinstrument, wat net kéint ëmgeännert oder awer och komplettéiert ginn.

Här President, manner kritesch wéi d'Beruffs-chambere war de Statsrot. Hien approuvéiert de Choix vum Gesetzgeber, dee sech un d'Dispositioun vum der Société européenne gehalen huet. De Statsrot bedauert just, datt de Gesetzgeber sech net fir e systema-tesche Renvoi op dës Dispositioun vum Code du Travail entscheet huet.

D'Aarbechtskommissioun huet deene meeschte Suggestiounen vum Statsrot Rech-nung gedroen. Si huet deemtsprechend den Artikel L454/3 vum Code du Travail mat engem neie Paragraph 4 ergänzt, deen esou libelléiert ass: «En cas de contestation du refus de communication une des parties ou les deux conjointement peut saisir l'Of-fice national de conciliation qui statuera dans les délais fixés au paragraphe 7 de l'article L166/2.» Mat dëser Ergänzung sollt nom Statsrot séchergestallt ginn, datt d'Di-rektiv komplett ëmgësat gëtt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollee-gen, de virleiende Gesetzestext ass extrem technesch. Ech wäert Iech dowéinst net län-ger mat der Opzielung vun deenen eenzel-nen Dispositiounen ophalen. Ech wollt just nach eng kéier ervirhiewen, datt den Text, iwwert dee mir haut ofstëmme wäerten, e Kader schaaft, fir iwwert de Wee vun auto-nomen Négociatiounen sozial Dispositiounen anzeféieren, déi d'Rechter vun de Salariéen am Kader vun enger Société coopérative européenne solle schützen. Dowéinst géif ech Iech am Numm vun der Kommissioun bidden, dësem Text zoustestëmme. Text, deen iwwregens och den Accord vun der CSV-Fraktioun huet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Rapporteur. Ech hu gesinn un de Gesichter vun de Kolleegeen,...

(Hilarité)

...dass se alleguerten dem Rapporteur seng Konklusiounen deelen, d'Regierung ebenfalls. Wann dat de Fall esou ass, da komme mer zum Vote. De Vote fänkt un, wann den Här Kaes bis op senger Plaz ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5853 ass eestëmmeg uge-holl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro (par M. Romain Schneider), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Ly-die Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Ro-main Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Co-lette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul

Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), Fran-çois Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Leschte Punkt vun eisem Ordre du jour ass d'Diskussioun iwwert de Projet vun der Adap-tatioun vun de Kreditter beim Bau vu ver-schiddene Spideeler. D'Madame Lydia Mutsch ass Rapportrice an huet d'Wuert elo.

5. 5920 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 juin 1999 autorisant l'État à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

» Mme Lydia Mutsch (LSAP), rappor-trice. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 1999 huet d'Chamber e Finanzéierungsgesetz gestëmmt, dat et dem Land soll erlaben,...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...fir modern a performant Spidolsinfrastruk-turen ze hunn, déi de Besoinë vun der Po-pulation ugepasst sinn. D'Gesetz vum 21. Juni 1999 gesäit eng staatlech Participa-tioun vun 80% vir bei de Käschte fir d'Mo-derniséierung respektiv den Neibau vu Spi-dolsinfrastrukturen hei am Land. An deem Gesetz, wat iwwregens schonn dräimol ugepasst gouf, waren Investitiounen a sämt-leche Spidolsgebaier an -zentre virgesinn.

D'Chamber stëmmt haut iwwer eng weider Modifikatioun vun deem Finanzéierungs-gesetz of. Eng Modifikatioun, déi déi finanziell Enveloppe fir zwee Projeten eropsetzt: en-gersäits d'Moderniséierung vun der Eecher Klinik an anerersäits de Bau vum neien Et-telbrécker Spidol.

D'Augmentatioun vun der staatlecher Be-deelegung ass néideg ginn, well en cours de route a béide Fäll Méikäschten ugefall sinn. Et ass fir déi zwee Projeten déi zweet Augmentatioun. An engem Zäitraum vun zéng Joer entwéckelt d'Welt sech weider. Dat ass eppes Normales am medezine-schen an am technesche Beräich. Mä och am Beräich vun der Sécherheet hunn nei Er-kenntnisser, nei Normen, nei Iddien hire Wee gemaach. Zousätzlech sief gesot, dass a béide Fäll kaum Spillraum deemools fir Imprévuë virgesi war.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Bei der Eecher Klinik waren 1999 urspréng-lech zwielef Milliounen virgesinn. Duerch eng éischt Augmentatioun am Joer 2003 ass déi Participatioun op 18,7 Milliounen geklom-men. Mat där zweeter Augmentatioun elo ëm 5,8 Milliountioun um Standuert Nidder-kuer, wat extrem urgent ass, vu dass d'Steri-lisatioun zu Esch iwwer 20 Joer al ass; den Ëmbau vun enger provisoerscher Bettesta-tioun als Interim während den Aarbechten; a verschidde fusiounsbedéngte Projeten, déi vum CHEM réaliséiert a virfinanzéiert goufen.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech mer wënschen, dass d'Mëttele fir d'Moderniséierung an den Ëm-an Ausbau vun eise Spidolsinfrastrukturen adaptéiert an ausgebaut ginn, do, wou et wichteg a richtig ass an noutwendeg am Intérêt vun enger optimaler Gesondheets-versuergung an alle Regione vum Land. Ofschléissend wëll ech och den Accord vu menger Fraktioun vum virleiende Finanzéie-rungsprojet mat op de Wee ginn.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Madame Mutsch. Den éischten ageschriwwene Ried-ner ass den Här Carlo Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» M. Carlo Wagner (DP). - Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, als Aller-éischt wëllt ech der Rapportrice vun dësem Gesetz villmools Merci soe fir dee gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et han-delt sech heibäi ëm e Gesetzesprojet, dee sech an eng scho bal traditionell laang Lëscht vu Projeten areit, déi all als Objektiv hu respektiv haten, d'Finanzéierungsgesetz vum 1. Juni 1999 nozebesseren.

Ech wëll hei net bal zéng Joer no sengem Akraafttrieden den Historique vun dësem 99er Finanzéierungsgesetz maachen, mä just dro hiweisen, datt déi deemoleg CSV/LSAP-Regierung kuerz virun de Wahl-en e Gesetz erabruucht huet, dat certes de Mérite hat, endlech de Besoin, fir an d'Spi-dolsinfrastrukturen ze investéieren, erkannt ze hunn, mä wat dem Zil, dat heescht eist Land mat moderne Spidolsinfrastrukturen ze dotéieren, net gerecht gouf.

Dat Gesetz war deemools nach net sprochen-räif. Esou hate siwe vun deenen insgesamt 15 Projeten den Accord net vun der Com-mission permanente pour le secteur hospi-talier, an och ass sech deemools iwwert d'UCM ewechgesat ginn. Och waren d'Zommen, déi fir dës substanziiell Investis-ementen virgesi waren, net realistesch an hu missen nodréiglech ferm a sensibel eropgesat ginn. Dëst ass ënnert der Res-ponsabilitéit vun där viregter CSV/DP-Re-gierung geschitt, déi d'Konsequenz, déi nei Upassungen, vollzunn huet.

Eng ganz Rëtsch vu Gesetzesprojete si vun där viregter Regierung op den Instanzewee bruecht ginn, mat deenen néidege Finanz-sprëtzen. Esou och d'Gesetz vum 18. Juli 2003, dat d'Modernisatioun vun der Eecher Klinik betrëfft, wéi dat vum 19. Dezember 2003, vun deem den Hôpital Saint-Louis vun Ettelbréck profitéiert an déi mat dësem Ge-setzesprojet nach eemol adaptéiert ginn.

De Fait, datt mer elo haut, dat heescht méi wéi fënnef Joer duerno, erëm eng kéier musse weider finanziell Mëttelen zoustëm-men, huet eng Rei vun Ursachen. Éisch-tens emol spillt de Facteur Zäit eng gewësse Roll. Et ass kloer, dass, wann déi Modernisatiounsarbechte sech iwwer eng méi laang Zäit ausdehnen, d'Käschte klam-men an dobäi och nach nei Besoinen ent-stinn.

Och ass et esou, datt et sech hei ëm kom-plex Projeten handelt, wou d'Planungssé-cherheet net garantéiert ass a wou ëmmer erëm nei Contrainten entstinn.

Et ass awer och zousätzlech esou, datt ëm-mer erëm nei Contrainten operluecht gi sinn, an dat säitens vun der ITM. D'Gewer-beinspektioun imposéiert en cours de route nei Oploen, déi mat sech bréngen, datt d'In-frastrukturkäschte substanziiell an d'Luucht ginn. Ech wëll der ITM beileiwen hei net ën-nerstellen, si géif willkürlech virgoen. Si ass an hirem Rôle, wa si héich Sécherheets-norme verlaangt. Et misst awer méiglech sinn, schonn am Virfeld vun esou Projete méi geziilt dës Oploe festzeleeën. Dëst hätt och zousätzlech den Avantage, datt déi Pläng kéinte méiglechste detailléiert opge-stallt an och esou ëmgësat ginn.

Dovunner ofgesinn, Här President, stëmmt d'DP awer selbstverständlech dëse Projet, deen et erméiglecht, zu Ettelbréck wéi och an der Stad de Bierger déi modern an héichwäerteg Spidolsinfrastrukturen ze bid-den, déi si verdéngen.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Wagner. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo.

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, no dem komplette Rapport vun der Rapportesche, der Madame Lydia Mutsch, an dem Com-plément, dee vu mengem Virgänger, dem Carlo Wagner, gi ginn ass, kann ech mech extrem kuerz faassen.

Et ass effektiv gesot ginn, dass dat hei keng nei Projete sinn, mä dass et en Ofschloss ass vu Projeten, déi schonn am Déngscht sinn oder deemnächst offiziell inauguréiert ginn.

Dir wäert mer erlaben, dass ech e bëssen anerer Meenung si wéi de Carlo Wagner do-riwwer, wat d'Portée ass vum 1999er Ge-setz. Dat 99er Gesetz huet wesentlech der-zou bäigedroe fir d'Moderniséierung, fir d'Renovatioun a fir d'Restrukturatioun vun Spidolswiesen anzeleeden, woubäi ech net wëll bestreiden, dass och déi Gesetzer, déi duerno komm sinn, an déi Projeten, déi duerno komm sinn, dat Ganzt weiderge-driwwen hunn.

An deene leschten zéng Joer - dat muss ee sech awer emol eng kéier virun Aen halen -